

QU N°3763



Här Fernand Etgen  
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 3. Mäerz 2021

**REÇU**  
Par Christine Wirtgen, 08:29, 04/03/2021

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës drénglech parlamentaresch Fro un d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

An engem Bréif datéiert vum 14. Januar 2021, fuerdert d'Fédération des entreprises des pompes funebres et de cremation du Grand-Duché de Luxembourg de Gesondheetsministère ob, d'Personal vun de Pompes Funèbres vir déi kommend Impphase ze invitéieren.

Ewéi d'Fédération des Entreprises des Pompes Funebres et de Cremation du Grand-Duché de Luxembourg ënnersträicht zirkuléiert d'Personal vun de Pompes Funèbres reegelméisseg an de Spideeler, an de Fleege- an Altersheemer an intervenéiert och dacks bei de Familljen doheem, wou se dann och mam Virus confrontéiert ginn an deen esou dann kënnen un hier Mattaarbeschter ewéi och u vulnerabel Persounen weiderginn.

Laut mengen Informatiounen ass bis dato kee vum concernéierte Personal geimpft ginn.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Kann d'Regierung matdeelen wéi vill Personal vun de Pompes Funèbres bis haut geimpft ass, respektiv wéi vill Personal nach net geimpft ass?
- Ass d'Regierung och der Meenung datt d'Personal net nëmmen selwer engem Risiko ausgesat ass, mee de Virus och un vulnerabel Leit aus de Spideeler a Fleege- an Altersheemer kann weiderginn?
- Gesäit d'Regierung fir des Persounen an hier Impfphasen ze integréieren vir datt des Bierger ouni Gefor hier Aarbecht kennen maachen ? Wann jo, wéini wier dat ?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, appearing to read 'Nancy Arendt Ep. Kemp'. The signature is written in a cursive, flowing style with a horizontal line underlining the name.

Nancy Arendt Ep. Kemp  
Députéiert



REÇU  
Par Christine Wirgen , 07:23, 05/03/2021

Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
Service central de législation  
5, rue Plaetis  
L-2338 Luxembourg

Luxembourg, le 4 mars 2021


Réf. : 837x0ab2c

**Concerne:** Question parlementaire urgente n°3763 du 3 mars 2021 de Madame la Députée Nancy Arendt

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire urgente n°3763 du 3 mars 2021 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant la "Vaccination du personnel des entreprises de pompes funèbres".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.



Paulette Lenert  
Ministre de la Santé



**Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n°3763 du 3 mars 2021 de Madame la Députée Nancy Arendt concernant la "Vaccination du personnel des entreprises de pompes funèbres".**

D'Fédération des entreprises des pompes funèbres et de crémation du Grand-Duché de Luxembourg huet der Direktioun vun der Santé effektiv e Bréif de 14. Januar 2021 geschéckt, wou si freet op hir Membere kënnen prioritär geimpft ginn. D'Argumenter sinn, dass hir Memberen oft a Kliniken, oder an Alters- a Fleegeheimer ginn, an dass si och doheem ëmmer méi mam Virus confrontéiert ginn, oder bei vulnerabelen Leit sinn.

D'National Impfstrategie gesäit net fir, dass Berufsgruppen prioritär geimpft ginn, ausser d'Fleege-a Gesondheetspersonal an der Phase 1. D'Iddi war jo do déi vulnerabel Leit an de Kliniken ze schützen doduerch, dass e Cordon sanitaire ëm si opgebaut gëtt. D'Membere vun der Federatioun gi natierlech regelméisseg an d'Kliniken, mee am Prinzip net op d'Unité de soins wou déi vulnerabel Patienten hospitaliséiert sinn, mee haaptsächlech an d'Morgue. Et ass also net ze erwaarden, dass si do direkt mat vulnerabele Leit a Kontakt kommen. An den Alters- oder Fleegeheimer ass et ähnlech, et ass net z'erwaarden, dass d'Leit vun der Federatioun do direkt a Kontakt mat vulnerabele Leit kommen, wa si bei engem Stierffall intervenéieren. Zousätzlech sinn d'Résidenten vun dësen Institutiounen elo géint COVID-19 geimpft.

Och doheem ass et onwahrscheinlech, dass d'Membere vun der Federatioun direkt mat COVID-19 Fäll a Kontakt kommen. Fir d'éischt muss een ënnersträichen, dass zu Lëtzebuerg am allgemengen (Statistiken 2018) méi wéi 50% vun de Leit am Spidol stierwen, ongeféier 25% stierwen an Alters- oder Fleegeheimer, a nëmmen 17% stierwen doheem. En plus, säit Ufank vun der Pandemie si nëmmen 28 Leit mat oder u COVID-19 doheem gestuerwen, bei iwwert 640 Doudeger. Dat sinn ongeféier 4% vun de COVID-19 Stierffäll.

Et ass och wichteg nach eemol drop hinzeweisen, dass d'Ordonnance vum Direkter vun der Santé betreffend der "Gestion de la dépouille mortelle d'une personne décédée par COVID-19" vum 14. Abrëll 2020, déi eng ganz Rei Prozeduren virgesäit fir sécher mat enger Läch ëmzegoen, nach ëmmer applicabel ass. D'Personal vun de Pompes funèbres benotzen och an deem Kontext dat adäquat Protektiounsmaterial.

D'Demande vun der Federatioun ass am Comité de Pilotage "vaccination" diskutéiert ginn, an op Basis vun den Elementer déi hei exposéiert goufen, net als prioritär zeréckbehale ginn.